Dépôt : Fred Keup

1

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2025

Interpellat° : Promot° d'activités extrascolaires

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- wéinst dem staarke Bevëlkerungswuesstem vill bestoend Sportsveräiner mat hirer Opnamekapazitéit un hir Grenze stoussen;
- d'Unzuel u Sportsveräiner trotz der staarker Bevëlkerungszounam net méi grouss gëtt;
- a verschiddene Regiounen a Gemengen déi sportlech Offer vu Veräiner fir d'Kanner ganz kleng ass;
- vill Kanner net a Sportsveräiner aktiv sinn;
- den aktuelle System zu Lëtzebuerg, wat d'Färderung vun ausserschoulesche sportlechen Aktivitéite fir Kanner an der Primärschoul ugeet, u seng Grenze stéisst;

ass sech bewosst, datt

- et eis u Leit feelt, déi nach gewëllt sinn, sech benevol an de Sportsveräiner ze engagéieren;
- de Sport eng eminent wichteg Roll an der Gesellschaft spillt;
- d'Sportsveräiner, besonnesch fir d'Jugend, eng immens wichteg Roll spillen, wat d'Méiglechkeeten ugeet, fir an engem feste Kader sportlech aktiv ze sinn an och fir um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen;
- d'Veräiner eng wäertvoll Integratiounsaarbecht fir auslännesch Kanner a Jonker leeschten;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Ënnerstëtzung fir d'Sportsveräiner ze verstäerken;
- eng Analys ze maachen iwwert d'Méiglechkeet, de Sport bis zum Alter vun zwielef Joer ganz an d'Schoul ze integréieren, änlech wéi de Modell an den USA an an anere Länner, woumat all Kand reegelméisseg an enger gewielter Sportaart aktiv wier, bis et am Alter vun 13 Joer a Veräiner kéint weider trainéieren.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742